# Bingo



| | *rukt* | *gréin* | *giäll* | *blo* | |
|---|---|---|---|---|---|
| *1 - Persounen Krees* | Yossiya | Nerina | Tulita | Fee | |
| *2 - Déieren Rechteck* | Villchen | Dauf | Fuuss | Hirsch | |
| *3 - Haus baussen Dräieck* | Haus | Fënster | Dir | Daach | |
| *4 - Haus bannen Quadrat* | Fotell | Teppich | Beessem | Kamäinfeier | |
| *5 - Kleeder Pentagon* | Rack 1Yossiya | Rack 2 Nerina | Rack 3 Tulita | Rack 4 Fee | |
| *6 - Planzen Hexagon* | Bom 1 | Bom 2 | Bësch | Bomstupp | |

**Alter:** 4 +
**Spiller:** 2 – 4 + Spillmeester
**Dauer:** 5 – 15 Minutten
**Zil:** seng Kaarten all ëmdréien
**Prinzip:** Kaartespill
**Übungszil:** Sproochtraining
**Iddi:** Blanche Kails

**Material:** 1 Kaarteset fir gidfer Spiller +
1 Kaarteset fir de Spillmeester

**Virbereedung:** Je nodeem wéi ee Vokabulär trainéiert soll ginn, séicht de Spillmeester 6 oder 8 Kaarten raus. (Fir di vo véier Joer. Eeler Spiller konne gäre méi Kaarte huëllen.) All Spiller an de Spillmeester hann dann diselwicht Kaarten.
Gidfer Spiller leet seng 6 oder 8 Kaarten offen viraan sech op den Dësch. Doraus séicht gidfer Spiller sech d'Halschent raus. (Z. Bsp. seng Lieblingskaarten.) Di anner Kaarte leet heen ëmgedrikt op d'Säit. Domatt hann all Spiller (normalerweis) ënnerschiddlich Kaarte viraan sech leien.
De Spillmeester hëllt seng 6 oder 8 Kaarten, mëscht së a leet së ëmgedrikt eng niäwwent déi anner op den Dësch.

**Spillverlof:** De Spillmeester hëllt eng Kaart, sou datt keen annere Spiller vir drop gesäit an hee beschreift së. Dee Spiller, deen déi Kaart bäi senge Kaarten entdeckt, hëllt së an d'Hand, beschreift së a leet së ëmgedrikt hannich op den Dësch. De Spillmeester leet seng Kaart op d'Säit an hëllt eng anner Kaart.

Déi Spillronn ass **fäerdig**, wann ee Spiller all seng Kaarten ëmgedrikt hatt.
Dee Spiller, dee fir d'ischt all seng Kaarten ëmgedrikt hatt, ass **gewonnen.**